


FEATURE

Falsch CovidCheck QR Coden

RTL | Update: 03.12.2021 13:54



© Pixabay

Impfgéigner probéieren alles fir unni d'Impfung de CovidCheck ze ëmgoen. Dowéinst sinn och entretemps eng Rëtsch falsch QR Coden am Ëmlaf. Déi kënnen och nawell skurril ausfallen. Wéi dat iwwerhaupt méiglech ass a wat een dogéint kéint maachen, huet de Jeff Rossler nogefrot.



30112021 Falsch CovidCheck QR Coden (Internet)

Et kéint ee mengen, et wier méi schwéier en Impfnweis ze fälschen. Ma nee, där Fälschung sinn dach wäit verbreet, dass méttlerweil souguer e Geck domadder gemaach gëtt. QR Code sinn zum Deel op de Mickey Maus oder de Spongebob Schwammkopf ausgestallt. Ma wéi kann et da sinn, dass déi Coden esou licht ze fälsche sinn? Den Dennis Fink vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg erkläert.

Dennis Fink: Et ginn u sech just 2 Methoden, fir esou en Covid-Zertifikat ze fälschen. Éischtens, et huet een een dee Covid-Zertifikater ausstelle kann, deen ee ka bestiechen. Déi aner Aart a Weis ass, wann een un de Private Key komm ass, dee benotzt gëtt, fir sou Covid Zertifikater ze ënnerschreiwen. Dat ass anscheinend elo bei verschiddener de Fall gewiescht, dass z.B. e Key aus Italien leaked gouf, dee net sollt leaked ginn.

Dat suert natierlech fir Problemer. Et kann een de CovidCheck ëmgoen, mat all de bekannte Risiken, deem de Virus an d'Kaarte spillt. Et ass och net esou, wéi wann d'Fälschungen ëmmer offensichtlech wieren.

Dennis Fink: Sou e Fake QR Code kann een u sech net vun engem richtege QR Code ënnerscheeden, zumindest wann en uerdentlech vun engem private Schlüssel ënnerschriwwe ginn ass, deen zoulässeg ass. Wann et dann natierlech just eng Kopie vun engem aneren ass, da muss een ufänken ze kucken, wat do dra steet. Déi Donnéeën kann een net einfach sou veränneren. Réng theoretisch misst ee bei all CovidCheck net nëmme kucken, ob d'App e Gréng Feil uweist, mee et misst een och kucken ob den Numm, deen do ugewise gëtt, ob deen och mat der Carte d'identité oder mam Numm um Ziedel iwwerteneen stëmmt.

Elo ass et awer net am Gesetz festgeluecht, dass een am Restaurant oder am Café no der Carte d'identité froen duerf. Bei Discoen oder a Baren ass dat awer schon Usus, da kéint een iwwerleeën, dass een déi Kontrollen och op aner Beräicher erwidere kéint. Den Haaptproblemm läit bei de gefälschte QR Coden awer net un der Technik.

Dennis Fink: De Problem ass einfach op der mënschlecher Säit. Éischtens hu mer einfach Dokteren, déi Zertifikater ausstellen, obwuel se keen Impfstoff gesprézt hunn bzw. dass d'CovidCheck-Zertifikater vun de Leit net uerdentlech iwwerpréift ginn. Dowéinst gi mir och dovunner aus, dass d'Donkelziffer vun de gefälschten Covid Zertifikater vill méi héich ass, wéi mir am Moment unhuelen.

Fir sou e gefälschte QR Code ginn d'Leit deelweis gutt vill Suen aus, dobäi sollt een net vergiessen, dass ee se och gratis kréie kann, wann ee sech einfach impfe léisst.

AM MEESCHTE GELIES

- Rheinland-Pfalz**
Poliziste bei Kontroll erschoss - zwee presuméiert Täter festgeholl
- LIVETICKER**
Coronavirus - D'Situatioun zu Lëtzebuerg an am Ausland
- Invité vun der Redaktioun (31. Januar) - Claude Meisch**
Educationsminister hofft, dass bis d'Fuesvakanz keng Schoule mussen zoumaachen
- Iwwert de Weekend**
4.550 Neinfektiounen, 4 Doudesaffer, 71 Covid-Patienten am Spidol
- Orpea a Frankräich an der Kritik**
Am Mäerz mécht de Konzern zu Lëtzebuerg en Altersheim op

WEIDER NEWS



Wéi dat Chinesesch neit Joer richtig geféiert gët



"5 vir 12" Autofestival



Best Of "5 vir 12"



Stress am Stroosseverkéier



10 Joer Shopping Queen



"5 vir 12" Coronakanner



Oppasse bei neie Spam a Phishing Mailen!



Den Autofestival leeft

Uewenhi sprangen



Schreift lech an eis Newsletteren an:

E-Mail-Adress

GO



Vous souhaitez faire de la publicité sur RTL.lu ? Prenez contact directement avec notre régie publicitaire IPLuxembourg

News

National
Meng-Gemeng
International
Europa
Faktencheck
Si hu gespent
Den Invité vun der Redaktioun

Meenung

Carte Blanche
Commentaire
Apropos
Lieserbréiwer

Mobilitéit

News
Trafic
Pétrolspräisser
Auto-Tester
Autofestival
Autospräisser
Lux-Airport
Radar-Kontrollen
Guidage Parking
Annoncen

Lifestyle

News
Kichen
Gesondheet
Verstoppte Plazen
Reesen
Tech-World
Déiererubrik
Acteur de ma santé
Horoskop

Kultur

News
Wat Leeft
Kino
Musek
Bicher
Sprooch
Kräizwuerträtsel
Agenda

Sport

News
Live Arena
Futtbball
Basketball
Handball
Dëschtennis
Volleyball
Tennis
Cyclissem
Auto-Moto
Weider Sportarten

Gaming

News
Review
11F Gaming
E-Sport
Losch eSports

Fotoen

Aktualitéit
Events a Fester
Kultur
Auto
Télé
Radio
Sport
Pressphoto

Spilleck

Allgemengwëssen
Musek Quiz
Geo Quiz
Kräizwuerträtsel
Sproochespill
Quiz vum Mount
Déiere Quiz
Sport Quiz

Meteo

Radar
Nidderschléi
Quantitéiten
Wandvitessen

Jobs

Jobdag
Moovijob
Lifelong Learning

Immo

Annoncen

Info

Services de garde
Loterie
Letzshop
SMS Servicer

Télé

Live
Replay
Fotoen
Informatiounen

Radio

Lauschteren
Emissiounen
Musek
Fotoen
Team
Podcasts
Informatiounen